National - Noexamen

# Examenskommissiounen am Secondaire nach net beienee komm

RTL|Update: 23.10.2019 11:04|



© AFP

Dëst kéint bedeiten, datt theoretesch aktuell Schüler kéinten nach eng Kéier op enger Première sëtzen, déi hiren Diplom awer u sech an der Täsch hunn.

Et gi Problemer mat der Convocatioun vun den Examenskommissioune fir d'No-Examen déi am Secondaire geschriwwe goufen. RTL-Informatiounen no goufen dës Kommissiounen nämlech nach net beienee geruff an dat eng Woch, éier d'Allerhellgevakanz usteet.

Net méi spéit wéi en Dënschdeg de Moien kruten Secondairesenseignanten, déi Member an de Kommissioune sinn, de Message, datt Si sech sollte prett halen, fir elo kënnen ze siegéieren.

Dës Kommissioune mussen awer dem Gesetz vun 2006 no beienee kommen, fir iwwert d'Weiderkommen an déi definitiv Notte vun de Schüler op den Ofschlossklassen ze beroden an ze decidéieren.

Domat besteet u sech d'Méiglechkeet, datt et Schüler ginn, déi hiert Joer nach eemol mussen maachen, an awer ewell kéinten den Ofschlossdiplom an der Täsch hunn.

Eng entspriechend parlamentaresch Fro hat och d'CSV-Fraktiounspresidentin Martine Hansen ewell virun 10 Deeg gestallt. Eng Äntwert vum Educatiounsminister Meisch iwwert d'Ursaache vun dësem Retard steet nach aus.